N°4618
Entrée le 09.09.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vum Här Aarbechtsminister, Marc Spautz op d'parlamentaresch Fro n° 4618 vum 14. August 2026 vun der honorabeler Deputéiert Diane Adehm zum Sujet « Permanences dans le secteur communal et privé ».**

1. **Wéi eng gesetzlech a reglementaresch Bestëmmunge gëllen aktuell fir Permanencë vu Fonctionnairen an Employéë vun de Gemengen? Erlaben dës Bestëmmungen et, d'Bereetschaft, déi effektiv Interventiounszäit, Deplacementer souwéi Nuets-, Samschdes-, Sonndes- a Feierdeegsaarbecht adequat ze remuneréieren an ze kompenséieren?**

Et muss een ënnerscheeden tëscht enger "Astreinte à domicile ", wou den Agent sech muss bereet hale fir eventuell déngschtlech z'intervenéieren, ausserhalb vu sengen normalen Aarbechtszäiten, an deene Situatioune wou e Fonctionnaire oder en Employé communal effektiv wärend deene Periode muss wéinst enger Urgence kuerzfristeg schaffen. Béid Situatiounen si vum Règlement grand-ducal modifié du 3 mai 1991 concernant la prestation d'heures de travail supplémentaires par des fonctionnaires communaux ainsi que leur astreinte à domicile gereegelt.

Am Fall vun enger Astreinte à domicile huet den Agent pro Astreinte e Congé de Compensation vun enger Stonn ze gutt. Am Fall wou den Interêt du Service et net erlaabt esou e Congé z'accordéieren, kritt den Agent eng Indemnitéit, déi am Artikel 6 vum genannte Reglement definéiert ass an dovun ofhänkt op d'Astreinte wärend der Schaffwoch, dem Weekend, engem Feierdag, respektiv am Dag oder an der Nuecht ze leeschten ass.

Wann en Agent an esou enger Situatioun effektiv muss schaffen, da ginn déi geleeschte Stonnen als Iwwerstonnen ugesi wann se iwwer déi alldeeglech Aarbechtszäitlimitten ewech ginn. An dem Fall kritt den Agent entweder e Congé de compensation fir déi Iwwerstonnen de nächste Mount eran ze huelen, oder e kritt se ausbezuelt. Wann esou Iwwerstonne Sonndes oder op engem Feierdag geleescht ginn erfale Supplementen, déi vum Artikel 5 vum besote Reglement definéiert sinn. Dat selwecht gëllt fir de Fall wou d'Iwwerstonnen an der Nuecht, tëscht 22h a 6h Moies erfalen. Wann en Agent seng wéchentlech Tâche erfëllt huet an dono muss Iwwerstonne leeschten, gëllt fir Samsdes de Supplement vu Sonndes.

De Règlement grand-ducal modifié du 28 juillet 2017 fixant le régime des Traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires communaux gesäit a sengem Artikel 20 e Recht op eng Prime d'Astreinte fir, wann e Gemengebeamten oder en Employé communal reegelméisseg an der Nuecht, tëscht 22h a 6h, respektiv Samsdes, Sonndes, oder Feierdeeg, tëscht 6h an 22h schaffe muss.

Fir Salariéen ass déi uewe beschriwwe Situatioun duerch d'Convention collective, déi déi jeeweileg Gemeng applizéiert, respektiv vum Code du Travail gereegelt.

2. **Kann eng Gemeng, nieft de bestoenden Astreinteprimmen, fir hir Fonctionnairen an Employéen eng spezifesch *prime de permanence* oder Interventiounsindemnitéit aféieren? Wa jo, op wéi enger exakter Rechtsgrondlag a wéi enge Konditiounen? Wa nee, gesäit d'Regierung hei Handlungsbedarf?**

De Gemengebeamten an Employés communaux hier Remuneratioun ass duerch groussherzoglech Reglementer definéiert ginn, an si hu kee Recht op zousätzlech Primen oder Indemnitéiten, déi keng legal Basis hunn. Fir de Surplus, verweisen ech op déi éischt Froen. D'Gemengen hunn an dësem Domän keng Kompetenz wat Fonctionnairen en Employés communaux ugeet.

3. **Gëtt bei enger Interventioun déi ganz Zäit vum Opruff bis zum Enn vum Asaz, inklusiv dem noutwennegen Deplacement, als Aarbechtszäit ugesinn? Enner wéi enge Konditioune kann am Fall vun engem Noutfall oder fir d'Kontinuitéit vun engem essentielle Service vun de maximalen Aarbechtszäiten ofwäichen, a wéi een Ausgläich muss an deem Fall garantéiert ginn?**

Et ass d'Kompetenz vum Schäfferot fir ze decidéieren ob am Fall vun enger Interventioun am Kader vum Bereetschaftsdéngscht den Trajet bis op d'Aarbecht als Aarbechtszäit ugerechent gëtt. Maximal Aarbechtszäite kënne kuerzfristeg nëmmen iwwerschratt ginn, wann d'ëffentlech Sécherheet a Gefor ass. Wat den Ausgläich an esou enger Situatioun ugeet verweisen ech op Äntwert op déi éischt Fro.

4. **Wéi soll e Mataarbechter sech verhalen, wann hien am Laf vun enger Interventioun déi maximal zougeloossen Aarbechtszäit erreecht, d'Aarbecht awer aus techneschen oder Sécherheetsgrënn net ofgebrach ka ginn? Wien ass an esou engem Fall berechtegt, d'Weiderféierung vun der Interventioun unzeuerdnen, a wien dréit d'Responsabilitéit fir dës Decisioun?**

A sou engem Fall soll de Mataarbechter sech u säi Supérieur hiérarchique oder direkt un de Schäfferot wenden. Et ass d'Kompetenz vum Schäfferot als Verwaltungschef, op Grond vum Artikel 57 vum ëmgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, fir dem Mataarbechter Instruktiounen ze ginn, wéi hien sech soll verhalen. De Schäfferot als „chef d'administration" dréit d'Responsabilitéit fir des Decisioun.

5. **Wéi ginn déi deeglech a wéchentlech Rouzäite konkret berechent, wann e Fonctionnaire oder Employé an der Nuecht oder um Weekend intervenéiert? Ab wéi engem Zäitpunkt leeft d'Rouzäit?**

Et gëtt fir Fonctionnairen an Employés communaux keng spezifesch gesetzlech Bestëmmungen iwwer minimal Rouzäite oder maximal Aarbechtszäiten. D'Organisatioun vun Aarbechts- a Rouzäiten gëtt am Gemengesecteur fir Fonctionnairen an Employés communaux duerch Gemengereglementer definéiert, woubäi dës Bestëmmungen net manner favorabel kënne sinn ewéi déi gesetzlech Bestëmmungen, déi de Code du Travail virgesäit.

Den Inneministère schafft am Moment en Avant-projet de loi aus, dee fir d'Gemengepersonal an dëser Matière e gesetzleche Kader wäert definéieren.

6. **Wéi ass e Fonctionnaire oder Employé ofgeséchert, wann et wärend enger Interventioun zu engem Aarbechtsaccident oder zu engem Schued un enger drëtter Persoun kënnt an déi maximal Aarbechtszäit oder déi virgeschriwwe Rouzäit net respektéiert gouf? Kann dëst Auswierkungen op d'Unerkennung vum Aarbechtsaccident, d'Versécherungsleeschtungen oder déi perséinlech Haftung vum Mataarbechter hunn?**

D'Responsabilitéit an esou enger Situatioun läit bei der Gemeng, virausgesat de Mataarbechter huet gemäss den Instruktioune vum Schäfferot gehandelt. De Schäfferot huet d'Aufgab ze garantéieren, dass déi legal maximal Aarbechtszäite vum Gemengepersonal net iwwerschratt ginn an en huet och eng Obligatioun, déi néideg Moossnamen ze huele fir z'evitéieren, dass Aarbechtsaccidenter geschéien.

7. **Wéi bewäert d'Regierung d'Tatsaach, datt Fonctionnairen, Employéen a Salariéë bei där selwechter kommunaler Interventioun vergläichbar Aarbecht a Verantwortung kënnen hunn, awer ënnerschiddlech remuneréiert a kompenséiert ginn? Plangt d'Regierung de gesetzlechen a reglementaresche Kader fir Permanencen an Astreinten ze moderniséieren?**

D'Fixatioun vun der Remuneratioun vun de Salariéeën ass op Grond vum Artikel 22 vum Gemengebeamtestatut vum 24. Dezember 1985 eng Kompetenz vum Gemengerot. Eng Gemeng kann deemno fir Salariéeën déi selwecht Reegelen applizéiere wat d'Bezuele vum Bereetschaftsdéngscht ugeet wéi fir d'Gemengebeamten an Employés communaux.

Eng generell Reform vum reglementaresche Kader betreffend d'Astreinten a Permanencen an der Fonction publique ass aktuell net virgesinn.

Lëtzebuerg, de 9. September 2026
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN